*Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler (par M. Marco Schank) et Michel Wolter;*

*MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;*

*MM. Xavier Bettel (par Mme Anne Brasseur), Niki Bettendorf, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch (par M. Niki Bettendorf), MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger (par M. Emile Calmes), Claude Meisch (par M. Henri Grethen) et Carlo Wagner;*

*MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.*

*Ont voté non: MM. Claude Adam, François Bausch, Felix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox (par M. Camille Gira) et Mme Viviane Loschetter.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

***(Assentiment)***

Et ass esou décidéiert.

**Motion 1**

Mir haten och hei eng Motioun virleie vum Här Gira, an déi Motioun ass an d'Kommissioun iwwerwise ginn.

M. Camille Gira *(DÉI GRÉNG)*.- Neen, neen! Wien huet dat dann décidéiert?

M. le Président.- Ech liesen dat wat mäi Chef heihinner geluecht huet. Well den Här Lux net Stellung dozou huele kann, ass et de Wonsch vum Minister fir se an der Kommissioun ze diskutéieren.

Une voix.- Jo, en hat dat gesot.

M. Camille Gira *(DÉI GRÉNG)*.- Jo okay, mä da muss e mer dat soen. Ech wollt just soen, dass d'Chamber nach ëmmer décidéiert, wat mat enger Motioun geschitt, a virun allem déi Fraktioun, déi se ausgeschafft huet. Mir géingen emol gäre wësse wat d'Majoritéitsfraktioun dozou seet?

**Vote**

M. le Président.- Da froen ech, ob d'Chamber bereet ass fir déi Motioun an d'Kommissioun ze verweisen? Ech bieden ëm Handofstëmmung.

Dat ass d'Majoritéit. Domadder ass d'Motioun 1 vum Här Gira an d'Kommissioun verwisen.

***(Interruptions diverses)***

## 5. 5406 - Projet de loi portant approbation du Traité entre le Royaume de Belgique, le Royaume des Pays-Bas et le Grand-Duché de Luxembourg en matière d'intervention policière transfrontalière, signé à Luxembourg, le 8 juin 2004 (suite)

Mir kommen dann zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 5406. Dat ass d'Ofkommes tëschent de Benelux-Staten iwwert de grenziwwerschreidende Polizeiasaz. Den Text steet am Document parlementaire 5406[2].

***Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel***

Déi fir de Projet si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder si enthale sech.

Domadder ass de Projet de loi 5406 ugeholl mat 53 Jo- géint 7 Nee-Stëmmen.

*Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler (par M. Michel Wolter) et Michel Wolter;*

*MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;*

*MM. Xavier Bettel (par Mme Anne Brasseur), Niki Bettendorf, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch (par M. Carlo Wagner), MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger (par M. Emile Calmes), Claude Meisch (par M. Henri Grethen) et Carlo Wagner;*

*MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.*

*Ont voté non: MM. Claude Adam, François Bausch, Felix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox (par M. Camille Gira) et Mme Viviane Loschetter.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

***(Assentiment)***

Et ass also esou décidéiert.

**Motion 1**

Mir hunn nach eng Motioun vum Här Bodry do leien, iwwert déi mer ofstëmme par main levée.

**Vote**

Wien domat d'accord ass, deen hieft d'Hand an d'Luucht.

Dat ass déi grouss Majoritéit. Soumat ass d'Motioun 1 ugeholl. Ech soen lech Merci.

## 6. 5391 - Projet de loi modifiant et complétant la loi modifiée du 12 février 1979 concernant la taxe sur la valeur ajoutée (suite)

Da kënnt d'Ofstëmmung vum Projet de loi 5391 iwwert d'TVAs-Gesetz. Den Text fannt Der am Document parlementaire 5391[5].

***Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel***

Déi fir de Projet si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder si enthale sech.

De Projet de loi 5391 ass eestëmmeg ugeholl mat 60 Jo-Stëmmen.

*Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler (par M. Marco Schank) et Michel Wolter;*

*MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;*

*MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch (par Mme Anne Brasseur), MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger (par M. Emile Calmes), Claude Meisch (par M.Henri Grethen) et Carlo Wagner;*

*MM. Claude Adam, François Bausch, Felix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox (par M. Camille Gira) et Mme Viviane Loschetter;*

*MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

***(Assentiment)***

Et ass also esou décidéiert.

## 7. 5399 - Projet de loi modifiant l'article 14 de la loi modifiée du 12 mars 1973 portant réforme du salaire social minimum (suite)

Da kënnt d'Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 5399 iwwert de soziale Mindestloun. Den Text steet am Document parlementaire 5399[4].

***Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel***

Déi fir de Projet si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder si enthale sech.

De Projet de loi 5399 ass eestëmmeg ugeholl mat 59 Jo-Stëmmen.

*Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler (par Mme Nancy Arendt) et Michel Wolter;*

*MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;*

*MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Mme Anne Brasseur, MM. Emile Calmes, Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger (par M. Emile Calmes), Claude Meisch (par M.Xavier Bettel) et Carlo Wagner;*

*MM. Claude Adam, François Bausch, Felix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox (par M. Camille Gira) et Mme Viviane Loschetter;*

*MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

***(Assentiment)***

Et ass also esou décidéiert.

## 8. 5401 - Projet de loi portant ajustement des pensions et rentes accident au niveau de vie de 2003 (suite)

Da komme mer zur Ofstëmmung vun dem Projet de loi 5401 iwwert den Ajustement vun de Pensiounen an den Unfallrenten. Den Text fannt Der am Document parlementaire 5401[3].

***Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel***

Déi fir de Projet si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder si enthale sech.

De Projet de loi 5401 ass eestëmmeg ugeholl mat 60 Jo-Stëmmen.

*Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler (par Mme Nancy Arendt) et Michel Wolter;*

*MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;*

*MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch (par Mme Anne Brasseur), MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger, Claude Meisch (par M. Carlo Wagner) et Carlo Wagner;*

*MM. Claude Adam, François Bausch, Felix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox (par M. Camille Gira) et Mme Viviane Loschetter;*

*MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

***(Assentiment)***

Et ass also esou décidéiert.

## 9. 5322 - Projet de loi modifiant 1. le Code des assurances sociales 2. la loi modifiée du 24 mai 1989 sur le contrat de travail (suite)

Duerno d'Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 5322 iwwert de Code des assurances sociales. Den Text fannt Der am Document parlementaire 5322[11].

***Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel***

Déi fir de Projet si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder si enthale sech.

De Projet de loi 5322 ass ugeholl mat 54 Jo-Stëmme géint 5 Nee-Stëmmen.

*Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel et Michel Wolter;*

*MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;*

*MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch (par Mme Anne Brasseur), MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger, Claude Meisch (par M. Xavier Bettel) et Carlo Wagner;*

*MM. Claude Adam, François Bausch, Felix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox (par M. Camille Gira) et Mme Viviane Loschetter.*

*Ont voté non: MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

***(Assentiment)***

Et ass also esou décidéiert.

Mir hunn dann zwou Motioune virleien.

**Motion 1**

Déi éischt Motioun ass déi vun der Madame Lydia Mutsch. Kënne mer ofstëmme par main levée?

**Vote**

Wien d'accord ass mat der Motioun, deen hieft d'Hand an d'Luucht.

Merci. Dat ass déi grouss Majoritéit. D'Motioun 1 ass ugeholl.

**Motion 2**

An dann hu mer eng zweet Motioun virleien; dat ass déi vum Här Aly Jaerling. Kënne mer mat der Hand ofstëmmen? Den Här Bausch huet d'Wuert gefrot.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG)*.- Här President, ganz kuerz. Ech wollt dem Här Jaerling soen, datt sécherlech een heiansdo kann diskutéieren iwwert d'Transparenz fir d'Aussewelt vun der Tripartite, fir kënnen nozevollzéien, wéi alles an der Tripartite ofleeft. Ech muss awer soen, fir e Verbatim ze fuerderen an ze verlaange vun deene Sëtzungen, dat, fannen ech, geet awer e bësse wäit, well soss kéint een d'Tripartite och ofschafen. Well, wann een natierlech eng Verhandlung am Kader vun engem Sozialdialog wëll maachen, schéngt et mer evident ze sinn, da kann een net verlaangen, dass e Verbatim publizéiert gëtt, soss ass et jo keng Verhandlung méi, soss seet jo kee Mënsch méi eppes an der Sëtzung, an doweinst fanne mir, datt een déi Motioun hei soll oflehnen an net unhuelen.

M. le Président.- Den Här Jaerling huet d'Wuert.

M. Aly Jaerling *(ADR)*.- Här President, wann dat deen eenzege Problem ass, da géif ech dann d'Propos maachen, dat Wuert „Verbatim" duerch „Compte rendu succinct" ze ersetzen - genau dat, wat den Här Minister hei éinescht och gesot huet, wat e wëlles huet ze maachen.

**Motion 2 modifiée**

*D'Volleksvertriederkummer,*

*- hëlt zur Kenntnis, datt mam Gesetzesprojet Nr. 5322 Moossnamen ëmgesat solle ginn, déi an der „Tripartite" beschloss gi sinn;*

*- stellt den immensen Afloss vun engem ausserparlamentareschen, net vum Vollek gewielten Organ, der „Tripartite", op politesch Entscheedunge fest;*

*- condamnéiert, datt déi gewielte Vertrieder vum Vollek nëmmen indirekt iwwert d'Entscheedungsofleef an der „Tripartite" an d'Motivatioune vun deenen do getraffenen Décisiounen informéiert goufen a ginn;*

*- stellt fest, datt och déi vun de Medie rapportéiert Informatiounen an Aussoen iwwert d'Geschéien, ewéi och d'Begrënnung vun den Décisiounen an der „Tripartite" nëmmen op Héieresoe berouen a soumat allze oft widdersprëchlech sinn;*

*fuerdert d'Regierung op*

*- jiddfer Volleksvertrieder e Compte rendu succinct vun de jeeweilegen Tripartite-Sëtzungen zoukommen ze loossen.*

*(s.) Aly Jaerling, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp, Robert Mehlen.*

**M. le Président**.- Da géife mer déi modifiéiert Motioun zum Vote stellen, à moins datt nach een d'Wuert freet dozou.

*Vote*

Wien d'accord ass mat der Motioun vum Här Jaerling, dee stëmmt mat Jo. Wien dergéint ass stëmmt mat Neen, déi aner enthale sech.

D'Motion 2 modifiée ass ofgelehnt mat 47 Nee-Stëmmen, 7 Enthalungen a 5 Jo-Stëmmen.

*Ont voté oui: MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.*

*Ont voté non: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler (par Mme Nancy Arendt) et Michel Wolter;*

*MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;*

*MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Mmes Anne Brasseur, Colette Flesch (par Mme Anne Brasseur), MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger, Claude Meisch (par M. Xavier Bettel) et Carlo Wagner.*

*Se sont abstenus: M. Emile Calmes;*

*MM. Claude Adam, François Bausch, Felix Braz, Camille Gira, Jean Huss et Mme Viviane Loschetter.*

## 10. Discours de fin d'année de M. le Président

Kolleeginnen a Kolleegen, Dir Dammen an Dir Hären, am Numm an a Vertriedung vun eisem President wëll ech um Schluss vun der leschter Sëtzung virun de Feierdeeg an um Enn vum Joer folgende Message un Iech riichten.

A manner wéi dräi Wochen ass dëst Joer Vergaangenheet. 2004 war zu Lëtzebuerg um politesche Plang ouni Zweifel duerch National- an Europawahle vum 13. Juni gezeechent. Eng nei Koalitioun ass doraus ervirgaangen an net manner wéi 27 nei Deputéierten hunn de Wee an d'Chamber ugetratt. Fir en etlech vun hinne waren déi lescht Wochen a Méint d'Geleeënheet en éischten Androck vun de parlamentareschen Aarbechten ze gewannen an éischt Erfahrungen ze sammelen.

De Bilan vun där nei gewielter Chamber presentéiert sech folgendermoossen: Getrei dem Verdikt vum Wieler huet d'Chamber sech fir d'éischt an zwou extraordinäre Sessiounen hir intern Strukturen zougeluecht. An insgesamt 21 Plenarsitzungen huet se duerno d'Debatten iwwert zwou Regierungsdeklaratioune gefouert, eng Interpellatioun evakuéiert, jeeweils zwou Froestonnen an Aktualitéitsstonnen ofgehalen an iwwer 25 Projeten an eng Proposition de loi ofgestëmmt.

Déi legislativ Viraarbechte goufen a ronn 120 Kommissiounssitzunge geleescht; eng Aarbechtsleeschtung, déi sech deemno weise léisst. En Evénement, dat hei besonnesch ervirzesträichen ass, war déi feierlech Ouverture vun der neier Chambersessioun duerch eise Grand-Duc Henri. Bei där Geleeënheet huet eise Statschef de Stellewäert vun eisem Parlament ervirgehuewen, am Zesummenhank mat politeschen a gesellschaftlechen Erausfuerderungen, déi sech an eisem Land am heitege Kontext stellen.

Deemno ass d'Chamber opgefuerdert Äntwerten op politesch a gesellschaftlech Froen am Kader vun engem Ëmfeld ze stellen, dat esouwuel international wéi och hei am Land enger rapider Entwécklung ënnerworf ass. Op e Gefill vun Onsécherheet an e Gefill vu Manktum u Stabilitéit an eiser Gesellschaft si mer alleguer gefuerdert, déi Äntwerten ze ginn, déi den Awunner an eisem Land kloer maachen, datt et sech lount sech am Kader vun engem fräiheetlechen Europa anzesetze fir déi Grondwäerter, op déi eis heiteg Gesellschaft opgebaut ass.

D'Fester vum Enn vum Joer sti virun der Dier a wäerte fir muncheree vun eis, an ech denken hei virun allem och un d'Membere vun der Regierung, Geleeënheet sinn ze entspanen, fir Otem ze huelen, fir Kraaft ze sammelen a fir da gestäerkt déi nächst sechs Méint unzegoen, déi um politesche Plang ouni Zweifel ënnert dem Zeeche vun der Lëtzbuerger Présidence an der Europäescher Unioun stoe wäerten.

Mir sinn eis all bewosst, wat fir eng Verantwortung op eist Land, eis Regierung an domadder sécher och op d'Parlament zoukënnt. Et wäert keng liicht Aufgab ginn, well grouss Erausfuerderungen op Europa zoukommen, déi e groussen Asaz verlaangen. Europa brauch en neie wirtschaftlechen Opschwong, muss Reformen an d'Weeër leeden, fir d'Kompetitivitéitsfäegkeet vun der Unioun weltwäit ze verbesseren. Dobäi dierf awer op kee Fall déi sozial an och déi ökologesch Komponent a Vergiess kommen. D'Konscht wäert doranner bestoen, den europäesche Sozialmodell mat engem neie wirtschaftlechen Dynamismus ze verbannen.

D'Adaptatioun vun der Stratégie de Lisbonne, de Pacte de stabilité, an d'Perspective financière wäerten déi Lëtzebuerger Présidence dominéieren a prägen. Doniewent ass ze erwaarden, datt Aufgabe mat der zukünfteger Erweiderung vun der Europäescher Unioun op eis Présidence och zoukommen. Wat d'Detailer vun dësen ugeet, esou hänke si an enger éischter Phas vun den Décisioune vu muer an iwwermuer um Conseil vu Bréissel of. Net ze vergiessen, datt an de leschte Joren déi aussepolitesch a sécherheetspolitesch Dimensioun vun der Unioun u Wichtegkeet zougeholl huet, wat dann och mat sech bréngt, datt d'Lëtzebuerger Présidence an enger grousser Zuel vu wichtegen Dossieren gefuerdert wäert sinn, op déi ech op dëser Plaz natierlech net kann a net wëll agoen, d'autant plus well d'Regierung der Chamber den 18. Januar d'Prioritéite vun der Lëtzebuerger Présidence virstelle wëllt.

D'Regierung ass net eleng vun der Présidence betraff, och d'Chamber ass opgefuerdert hiren Deel bäizedroen. Esou wäerte mer am éischte Semester 2005 véier Réunioune vu parlamentaresche Kommissiounen aus den nationale Parlamenter, de Kandidatelänner an dem Europaparlament hei zu Lëtzebuerg wëllkomm heeschen, an zwar d'Presidente vun de COSAC-Delegatiounen, dat heescht d'parlamentaresch Kommissiounen, déi sech mat den Europadossierë befaassen, dann d'Plénière vun därselwechter COSAC, duerno déi traditionell Réunioun vun de Presidente vun den aussepolitesche Kommissiounen an eng Réunioun, déi sech méi speziell op Immigratiounsfroe bezitt.

Et sinn dat Réuniounen, un deenen téschent 100 an 300 Leit pro Sitzung deelhuele wäerten, an déi wäerten dofir suergen, datt déi parlamentaresch Dimensioun an dës Europäesch Unioun och afléisse wäert.

An deenen nächste Méint wäert dann och an der Europäescher Unioun d'Ratifikatiounsprozedur vun dem Traité constitutionnel weider gefouert ginn. Lëtzebuerg gesäit vir dësen Text engem Referendum ze ënnerbreeden, deen am Averständnis mat der Regierung op den 10. Juli fixéiert ginn ass. Bis dohi bleift nach vill Aarbecht ze maachen, gesetzlech Virgabe mussen nach votéiert ginn, de Bierger muss iwwert den Inhalt vum Traité faktuell an objektiv informéiert ginn, d'Chamber muss - nodeem se e Gedankenaustausch, en Dialog mat der Zivilgesellschaft an de Bierger hat - en Débat hei an der Chamber féieren, an deem sech déi verschidde Parteien dann zu hiren Positioune bekennen.

Dëse wichtege Rendez-vous mam Bierger wäert Europa ganz an de Mëttelpunkt réckelen. Et wier ze hoffen, datt dës prononcéiert Europaaktivitéite vun den nächste Méint et fäerdeg bréngen, fir Europa de Lëtzebuerger méi no ze bréngen an de Leit adequat Äntwert op hir Froen ze ginn, fir datt d'Gesiicht vun Europa an hiren Aë fest a positiv Konture kritt.

Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ier mer eis all deenen Erausfuerderunge vun eisem Land am nächste Joer stellen, wëll ech Iech, am Numm och vum President, Äre Familljen an all deenen, déi Iech nostinn, besënnlech schéi Chrëschtfeierdeeg wënschen, verbonne mam Gedanken, datt dat neit Joer all Guddes bréngt, wat Dir Iech vun him erwaart. Bei där Geleeënheet wëll ech awer och all deene Merci soen, déi dozou bäidroen, den Oflaf vun de parlamentareschen Aarbechten zu engem gudden Ofschloss ze bréngen.

Ech soen Iech villmools Merci.

Den Här Wolter huet nach d'Wuert gefrot.

**M. Michel Wolter** *(CSV)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Conférence des Présidents huet mech beoptraagt am Numm vun eis alleguer, vun deene 60 Deputéierten - wat eng ganz schwiereg Charge ass -, Iech déi Wënsch, déi Der elo am Numm vum President un eis geriicht hutt, ze erwidderen.

Dir hutt richtegerweis gesot, dass déi nei Chamber an deene leschte sechs Méint extrem vill inhaltlech Aarbecht preparéiert an duerchgezunn huet. 21 öffentlech Sitzungen, iwwert 120 Kommissiounssitzunge weisen - an et ass besonnesch deen Deel vun eiser parlamentarescher Aarbecht, dee jo net esou oft dobaussen ernimmt gëtt -, dass ganz intensiv an deene leschte Méint an der Chamber déi Gesetzesvirschléi an déi Propositions de loi, déi zur Diskussioun komm sinn, och diskutéiert gi sinn.

Dir hutt gesot, dass mer mussen Äntwerte fannen an engem Ëmfeld wat ëmmer méi schwiereg gëtt, dass mer eis musse positionéieren an engem internationale Kontext, deen net méi esou einfach gëtt. Och dat deele mer. Ech mengen, et brauch ee keen Hellseher ze sinn, fir ze gesinn, dass dat nächst Joer politesch gesi wäert haaptsächlech ënner dräi Stéchwierder hei zu Lëtzebuerg vun deenen dominéiert ginn; dat ass zum engen d'Présidence am éischten Hallefjoer, zum zweeten de Referendum iwwert déi europäesch Constitutioun, déi den 10. Juli wäert stattfannen, an zum drëtten dann d'Gemengewahlen, déi mer am Hierscht wäerten ofhalen an déi dann zu e bësse manner Harmonie héchstwahrscheinlech am politesche Kontext an deenen eenzelne Gemengen - an héchstwahrscheinlech och heibannen - wäerte féieren.

Ech géif Iech op jidde Fall an alle Kolleegen alles Guddes wënschen, och vu menger Säit besënnlech Deeg, e gutt neit Joer, virun allem jidderengem och eng gutt Gesondheet. Mir hunn dëst Joer jo gesinn, och hei am Haus, wéi séier et ka goen. Am Fall vum trageschen Doudesfall vum Marc Zanussi si mer drun erënnert ginn, wéi séier en fin de compte deen Engagement, dee mer alles kënnen hunn, u seng Limiten an och u seng perséinlech Limitë ka stoussen.

Ech soen Iech Merci.

**Plusieurs voix**.- Très bien.

**M. le Président**.- Ech soe Merci a wäert déi Wënsch an dee Merci dann och un de President weiderginn.

## 11. Demandes en naturalisation

Als leschte Punkt vun eiser Dagesuerdnung hu mer d'Naturalisatiounen. Dofir muss ech de Huis clos ausspriechen.

***(Le huis clos est prononcé à 17.50 heures.)***

* * *

***(Le huis clos est levé à 17.55 heures.)***

De Huis clos ass domat opgehuewen. Déi öffentlech Sitzung geet weider.

D'Chamber huet an hirer net öffentlecher Sitzung 48 Demandes en naturalisation mat Dispens vum zweete Vote constitutionnel ugeholl. Esou wéi d'Gesetz vum 7. Juni 1989 iwwert d'Nimm an d'Virnimm vun de Persounen, déi d'Lëtzebuerger Nationalitéit kréien, et virgesäit, huet d'Chamber sech och mat sechs Ännerunge vum Numm averstanen erkläert.

### Liste des nouvelles demandes en naturalisation adoptée par la Chambre des Députés le 15 décembre 2004

1. CHEUNG Ka Wing, né le 30 juin 1970 à Hong Kong (Chine), demeurant à Luxembourg
2. ON Thuyen Hoa, née le 27 avril 1967 à Saigon (Vietnam), demeurant à Luxembourg
3. DANIEL Samuel, né le 27 juin 1969 à Kambia Town (Sierra Leone), demeurant à Differdange
4. DARRAGJATI Gasper, né le 16 novembre 1964 à Shkoder (Albanie), demeurant à Hesperange
5. KARAFILI Diana, née le 11 juin 1966 à Shkoder (Albanie), demeurant à Hesperange
6. DE CONINCK Philippe Jean Gérard, né le 2 octobre 1974 à Rocourt (Belgique), demeurant à Warken
7. DIMITROV Mario, né le 11 octobre 1959 à Sofia (Bulgarie), demeurant à Differdange
8. DOBREVA Tatiana, née le 21 décembre 1960 à Sofia (Bulgarie), demeurant à Differdange
9. DIPPEL Walter Karl Max, né le 12 mai 1958 à Weiden (Allemagne), demeurant à Howald
10. DJOMANI Bernard Désiré, né le 18 mai 1969 à Garoua (Cameroun), demeurant à Angelsberg
11. BIABEYO-TCHEUMETO Pauline Léonie, née le 17 septembre 1973 à Douala (Cameroun), demeurant à Angelsberg
12. DYKA Gisela Gertrud, née le 4 mars 1944 à Hindenburg (Allemagne), demeurant à Luxembourg
13. EKE KALONDA Ignace, né le 3 mars 1974 à Okako Letshu (République démocratique du Congo), demeurant à Wiltz
14. GE Zhi Kang, né le 18 décembre 1966 à Shanghai (Chine), demeurant à Luxembourg
15. ZHAO Jian Hong, née le 27 juillet 1970 à Shanghai (Chine), demeurant à Luxembourg
16. GRAY Nicola Joan, née le 22 janvier 1983 à Durban (Afrique du Sud), demeurant à Bereldange
17. GROßMANN Angelika Hildegard, née le 18 mars 1959 à Dortmund (Allemagne), demeurant à Esch-sur-Alzette
18. HAJDUK Marek Joszef, né le 11 mai 1963 à Tarnobrzeg (Pologne), demeurant à Ell
19. KOPER Teresa Jadwiga, née le 12 août 1964 à Makow Podhalanski (Pologne), demeurant à Ell
20. HARAKAT Aïcha, née le 12 mars 1969 à Mohammedia (Maroc), demeurant à Hagen
21. KARASHABANI Ardian, né le 2 octobre 1967 à Durres (Albanie), demeurant à Luxembourg

    La personne préqualifiée est autorisée à porter les nom et prénom de KASS Ardian.
22. LEGRAND Gabriel Jacques Ghislain Lucien, né le 30 décembre 1968 à Ixelles (Belgique), demeurant à Sanem
23. JACOB Francine Gérardine Paule Philo Marcelle, née le 20 décembre 1964 à Liège (Belgique), demeurant à Sanem
24. PARULIS Nerijus, né le 22 avril 1956 à Vilnius (Lituanie), demeurant à Mamer
25. MUSTEIKYTE Sigita, née le 4 juin 1959 à Vilnius (Lituanie), demeurant à Mamer
26. PAWLIK Agata Monika, née le 1er janvier 1978 à Sosnowiec (Pologne), demeurant à Longsduerf
27. ROCHA Adelino Patricio, né le 20 juin 1945 à Nossa Senhora da Luz/Sao Vicente (Cap-Vert), demeurant à Schifflange
28. DA LUZ MOREIRA Maria de Fatima, née le 22 mars 1961 à Sao Joao Baptista/Porto Novo (Cap-Vert), demeurant à Schifflange
29. SALM Siegmund, né le 16 décembre 1967 à Losheim (Allemagne), demeurant à Grevenmacher
30. HIRSCHFELDT Mariette, née le 19 décembre 1962 à Grevenmacher, demeurant à Grevenmacher
31. SEHIC Mirzet, né le 3 avril 1977 à Jelovo Brdo (Bosnie-Herzégovine), demeurant à Dudelange
32. KRNDIC Elvedina, née le 24 septembre 1977 à Zvornik (Bosnie-Herzégovine), demeurant à Dudelange
33. SHAMANA SOMO Somo, né le 1er juillet 1943 à Zakho (Iraq), demeurant à Luxembourg
34. GORO ENWIJA Asmer, née le 15 mai 1948 à Dohouk (Iraq), demeurant à Luxembourg
35. TIRIS Catalin Mihai, né le 19 juillet 1969 à Focsani/Vrancea (Roumanie), demeurant à Leudelange

    La personne préqualifiée est autorisée à porter les nom et prénoms de TIRIS Michel Catalin.
36. CHEFNEUX Elena Odette, née le 25 août 1970 à Ploiesti (Roumanie), demeurant à Leudelange
37. TORO Cosma, né le 25 septembre 1948 à Noci/Bari (Italie), demeurant à Bereldange
38. VAHEDI FAKHR Kambiz, né le 18 février 1977 à Téhéran (Iran), demeurant à Luxembourg